



## **Resolutioun: Géint de Mobbing an de Schoulen**

---

D'Schoul ass, wei schonn laang bekannt, mat dat wichtigsten soziaalt Ëmfeld vun den jonken aus eiser Gesellschaft. Leider fillt sech awer net jiddereen wuel an der Schoul, wat oft op déi eng oder aner Form vun Diskriminatioun hiweist, an deenen meeschten Fäll handelt et sech heibäi em verbalen Mobbing, mä och des öfteren em Cyber-Mobbing.

Et ass dem „Ministère de l'Education“ wuel bekannt, dass de Mobbing zu Lëtzebuerg omnipresent ass. Dëst wéisst sech an deenen verschiddensten Formen an an allen Alterskategorie, awer haaptsächlech bei den 11 bis 15 Järegen. Zu den bekanntsten Formen gehéieren Cyber Mobbing, verbalen Mobbing a physesche Mobbing.

Enner Cyber-Mobbing versteet een Beleidigungen, Bedrohungen, Blousstellungen oder Belästegungen géigeniwwer änneren Persounen. Dëst kann een duerch Kommunikatiounsmedien, souwéi den Handy, E-mail oder Online-Plattformen duerchféieren an et geschitt meeschtens anonym.

Der verbalen, souwéi och den physeschen Mobbing fënnt ëmmer en présentiel statt. Den Ënnerscheid tëschent dësen zwou Aarten ass, den kierperlechen Kontakt beim physeschen Mobbing an den kommunikativen Transfert vun Erniddregungen beim verbalen Mobbing. Den verbalen Mobbing befënnt sech éischer op enger belästegender Ebene an d'Affer dréit oft mentalen wei och séileschen Schued dovun.


D'Geforen vu Mobbing befannen sech haaptsächlech an zwee Beräicher: eng kéier bei der mentaler an medezinescher Gesondheet an eng kéier am Bildungsvolet. Et kennt oft zu Loschtlosegkeet, Angschtzoustänn, op engem nächsten Level kann et zu Depressiounen féieren, Amnesie, Anorexie oder Iwwergewicht kennen sech entwéckelen an am aller schlëmmsten Fall kennt et zu Suizid Gedanken, och am jonken Alter. Ob Bildungsbasis kennt et zu Konzentratiounsproblemer an Schwieregkeeten. Dëst bréngt mat sech dass d' 'Affer sech schoulesch verschlechteren an den Fuedem verléieren. Aus Angscht erzielen déi Meescht hiren Elteren näischt an maachen den Problem am Léifsten mat sech selwer aus, deen doduerch nëmmen méi grouss gëtt. Leider kommen déi meescht Affer net eleng aus sou enger Situatioun eraus.

Fir ons e bessert Bild vun der aktueller Situatioun ze maachen, hu mir am Aarbechtsgrupp eng net representative Ëmfro lancéiert, wou mir eng ronn 100 Äntwerten aus verschiddene Lycéen kruuten a bei deier Folgendes eraus komm ass:



16% vun den Schüler bei eis zu Lëtzebuerg bestätegen, dass d' Ausgrenzung déi heefegsten Form vun Diskriminatioun ass, dicht gefollegt vun Cyber an Online Mobbing, souwéi och verbalen Mobbing.

En weideren wichtege Punkt ass den rassisteschen Mobbing den sech laut den Schüler gréisstendeels op Virurteeler baséiert. Eng grouss Unzuel un Schüler wënschen sech méi Opklärung, eng verbessert Kommunikatioun an eng méi grouss Sensibiliséierung och schonn an jonken Joren. Wann et em den Usprichpartner an esou engem Fall geet, tendéieren Schüler am Allgemengen éischer an den Austosch mat hiren Frënn ze goen oder och mat hiren Elteren iwwer d' Problemer ze schwätzen. Schoulpersonal gëtt allerdéngs wéineg consideréiert, wei een an dësem Diagramm erkennen kann:



Wann een déi Prinzippien awer elo mat der momentaner Wierklechkeet vergläicht, muss een leider feststellen, dass dat Ganzt nach ausgeschafft ka ginn. Mir hunn festgestallt, dass et och hautdesdaags nach un munchen Adoptiounen am schoulesche Beräich feelt.

Sou weisen rezent Virfäll, dass et heiansdo laang daueren kann, bis Mobbingfäll un d'Liicht kommen an den concernéierte Persounen gehollef ka ginn.

Eis, den Schüler an Studenten vun der CSJ, ass wuel bewosst, dat schonn sou Munches en Faveur fir en bessert an méi séchert schoulescht Ëmfeld vun ënnerschiddlechsten Acteuren gemaach gëtt.

Mir hunn zur Kenntnis geholl, dass den IFEN - Institut de Formation de l'Education nationale an den CePAS - Centre psychosocial et d'accompagnement scolaires eng grouss Zuel vun Formatiounen zum Themeberäich "Mobbing" ubidden. Ausserdeem existéieren eng Réi Gratis-Hotlines wei zum Beispill den Kannerjugendtelefon (116 111) oder och d' BEE SECURE Helpline (8002 1234). Dass des Berodungsplazen an Themen am Cour „Vie et Société“ ernimmt/behandelt solle ginn steet net ausser Fro, ma allerdéngs gëtt et keen festen Programm zu dësem Thema. Heibäi gouf eis kloer, dass d'Gewichtung vun dësem Aspekt net fir jiddereen gläich ass. Dat huet als Konsequenz datt verschidden Schüler keng



Informatiounen zu dëser Gefor erhalen an sech eventuell an enger Mobbing Situatioun net ze hëllefen wëssen.

Am aktuelle Kontext a fir d'Wuelbefannen vun all eenzelen, ass d'Lutte géint de Mobbing fir d'CSJ eng absolut Prioritéit a proposéiert dofir:

1. Mir fuerderen, dass d' Thema Mobbing een méi héijen en Stelleväert am Fach „Vie et société ” kritt. D 'Proffen sollen dëst sensibelt an net einfacht Thema behandelen, opklären an mat de Schüler Léisungen sichen. Des Thematik sollt zu engem festen Bestanddeel vun der Educatioun ginn.
2. Des Weideren soll an all Schoul eng Zorte vu Grupp ginn, déi et Afferen erméiglechen soll sech géigesäiteg ënnerstëtzen, ze hëllefen an Tuyauen ze kréien. An dësem Grupp sollt een sech och deen een oder aneren Psychologe / Pädagoge befannen fir d' 'Schüler ze ënnerstëtzen an d' Funktioun vum Uspriechpartner ze iwwerhuelen.
3. Mir fannen, datt d' 'Organisatioun Bee Secure nach méi present an den Schoul sinn soll. Si offréieren schonn fir munch Joergäng een 2 Stonnen-Cours, mee dësen ass an eisen Aen net extrem effikasse. Am Fall, wou een Proff /Regenten vun enger méi niddreger Klass gëtt (7e –5e), sollt dësen verflucht sinn, eng „Formatioun continue” ze maachen. Déi jonk Schüler sinn (laut eiser Ëmfro) an deenen meeschten Fäll onbewusst oder och bewusst Haapttäter an sinn sech hirem intolerabelen Verhalen oft guer net bewusst.
4. Och um gesetzlechen Niveau ass Ophuelbedarf. Duerch den immens séieren Developpement am technologeschen an sozialen Beräich, ass dësen net méi um neisten Stand an misst ëmgoent moderniséiert ginn. Eis Welt befënnt sech an engem stännegen Wiessel am Beräich vun den sozialen Problemer an sou misst en Gesetzter eben falls senger Zäit upassen an modifizéieren.
5. Et muss sécher gestallt ginn, dass d'Personal am CePas den aktuellen Erausforderungen gewuess ass.



OPPE, SOZIAL  
A RESPONSABEL

De Schüler an Studenten vun der CSJ geet et haaptsächlech drëms d' Wuelbefannen vun all Schüler aus allen Altersklassen ze garantéieren. AN keng Ënnerscheeder ze maachen oder Konkurrenzfall op eenzelen Niveauen ze bilden. Ganz nom Motto Stay cool an Stop Mobbing!

An dëser Resolutioun goufen dowéinst verschidden Verbesserungsvirschléi uginn, déi et erméiglechen sollen Schüler an eisem Land méi effikass ze sensibiliséieren an esou zur Verbesserung vun den Situatiounen an den Schoulen bäizedroen.

---

<https://www.tageblatt.lu/headlines/luxemburg-setzt-auf-unterschiedliche-loesungen/>

<https://www.wort.lu/de/lokales/wider-das-mobbing-in-schulen-5e21f5fdda2cc1784e3543d6>

*Ugeholl um CSJ Nationalkongress 2022 zu Fluessweiler*